



Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4771 vum 17. September 2026 vum Här Deputéierten Jean-Paul Schaaf.

Fro 1: Ass deen am Oktober 2025 ugekënnegten Zäitplang, mat engem Ufank vun den eigentlechen Aarbechten am September 2026, nach ëmmer aktuell? Falls den deemools ugekënnegten Zäitplang net méi agehale ka ginn: Wat sinn déi konkret Grënn fir dës Ännerung a wéi gesäit den aktuellen Zäitplang elo aus?

D'Lous 1 ëmfaasst haaptsächlech de Bau vum neie Viaduc. D'Ausschreiwung gouf, wéi geplangt, am Joer 2025 lancéiert. D'Aarbechten hunn den 5. Oktober ugefaangen.

Fro 2: Goufen déi ugekënnegten ekoloogesche Ausgläichsmoossnamen am November 2025 ugefaangen? Wéi eng konkret Moossname goufen zanterhier ëmgesat, a wéi eng dovunner sinn aktuell nach net ofgeschloss?

D'Ëmweltgeneemegung fir d'Lous 1 gouf vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit ausgestallt. Fir d'Lous 2, dat d'Voiriesaarbechte fir de Passage op 2x2 Spueren ëmfaasst, ass d'Ëmsetzung vun enger CEF-Moossnam als Viraussetzung virgesinn. Dës Moossnam huet, wéi geplangt, am November 2025 ugefaangen. Am Kader dovu goufen Habitatszone fir verschidde Vullenaarten an Eidechse geschaf. Dës goufe bis Juli 2026 fäerdeggestallt a waren domat prett fir d'Ëmsiedelung vun den Eidechsen. D'Vergrämgung gouf tëscht August a Mëtt September 2026 duerchgefouert. Den entspreechende Schlussrapport gëtt aktuell vun den zoustännegen Experten ausgeschafft. Nodeems dës approuvéiert gouf, kann de Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit déi néideg Naturschutzgeneemegung fir d'Preparatioun vum Lous 2 ausstellen. Dës Preparatiounsarbechte sollen am Oktober-November 2026 lancéiert ginn.

Am Beräich vun der Ausgruewungsstätt bei der "Montée de Nommern" muss nach eng Zon ofgeholzt ginn, fir preventiv archeologesch Fouillen ze maachen. D'Ausschreiwung fir dës Aarbechten ass ofgeschloss an den Opdrag gouf verginn. Soubal déi néideg Autorisatioun no der Approbatioun vum Rapport vun den Experte virläit, kënnen d'Archeologen am Oktober-November mat de Fouillen ufänken. Fir d'Kartograféierung an d'Ënnersichung vun dëser Zon ass eng Dauer vun ongeféier engem Joer virgesinn. No Ofschluss vun dësen archeologeschen Aarbechten an der entspreechender Fräigab duerch den INRA soll d'Lous 2 am Oktober 2027 ufänken.

Den Ausschreiwungsdossier fir d'Lous 2 soll bis Enn Oktober 2026 fäerdeggestallt ginn. D'Ausschreiwung vum Lous 2 ass fir d'Fréijoer 2027 virgesinn.

Fro 3: Goufen all déi fir de Projet néideg ekoloogesche an naturschutzrechtlech Viraussetzunge mëttlerweil erfëllt, fir datt d'Bauaarbechten um Projet kënnen ufänken? Ginn et nach Ëmwelt-, Naturschutz- oder Geneemegungsprozeduren, déi den Ufank vun den eigentlechen Bauaarbechte kéinte beaflossen?

Hei sief op d'Äntwert op d'Fro 2 verwisen.



Fro 4: Gouf d'Ausschreiwung fir dat 1. Lous, de Bau vum neie Viaduc vu Schieren, wéi am Oktober 2025 ugekënnegt, nach am Joer 2025 lancéiert? A wéi enger Etapp befënnt sech d'Prozedure aktuell?

Hei sief op d'Äntwert op d'Fro 1 verweisen.

Fro 5: Am Oktober 2025 war eng Gesamtdauer vun ongeféier véier joer fir den Ausbau op 2x2 Spueren annoncéiert ginn. Ass dës Dauer nach ëmmer realistesch?

D'Gesamtdauer vu ronn véier Joer fir d'Fäerdegstellung vum gesamten Ausbau vun der B7 tëscht Schieren an Ettelbréck ass laut dem aktuellen Zäitplang weiderhi realistesch. Dësen Zäitplang setzt allerdéngs eng optimal Koordinatioun tëscht den eenzelnen Etappen an e reiwungslosen Oflaf vun den Aarbechte viraus.

Fro 6: Wat ass den aktuelle geplangten Datum fir d'Fäerdegstellung vum gesamten Ausbau tëscht den Echangeure Schieren an Ettelbréck?

Hei sief op d'Äntwert op d'Fro 5 verweisen.

Fro 7: Huet sech de finanzielle Gesamtvolumme vum Projet zanter der parlamentarescher Fro n°2959 geännert?

De finanzielle Gesamtvolumme vum Projet huet sech zanter der parlamentarescher Fro n° 2959 net geännert a befënnt sech weiderhin an der vum Parlament gestëmmter finanzieller Enveloppe.

Et ass an dësem Kontext ze präziséieren, dass bei Projeten, déi sech an der Exekutiounsphas befannen, déi finanziell Evolutioun reegelméisseg un d'Chamber rapportéiert gëtt.

Lëtzebuerg, den 12. Oktober 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes